
## Bestëmmungshëllef fir jonk Planzen


Grouss Feierblumm


Karblumm


Margréitchen


Gaarde-Péitener


Bisam-Malf


Hueseféisschen


Wiseknaf


Dauwe-Grandkraut


Krätz-Knappblumm


Eisebaart


Kleng Pëmpernell


Dausendblietchen

## Zousätzlech Informatiounen

### Wëllplanzenopzuucht zu Lëtzebuerg

Geseemsmëschungen an
Uleeë vu Blummewisen
Firma Rieger-Hofmann

### Leedung vum Projet

**Naturschutzsyndikat SICONA**
12, rue de Capellen
L-8393 Olm
Tel.: (+352) 26 30 36 25
info@sicona.lu
www.sicona.lu

### Partner

**Rieger-Hofmann GmbH**
In den Wildblumen 7-13
D-74572 Blaufelden-Raboldshausen
Tel: (+49) 7952 92 18 89-0
info@rieger-hofmann.de
www.rieger-hofmann.de

Samen und Pflanzen gebietseigener Wildblumen und Wildgräser aus gesicherten Herkünften

**Musée national d'histoire naturelle**
25, rue Münster
L-2160 Luxembourg
Tel.: (+352) 46 22 33-1
www.mnhn.lu

### Finanzéierung

**Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit**
4, place de l'Europe
L-2918 Luxembourg
www.emwelt.lu

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

### An Zesummenaarbecht mat:

SIAS, natur&ëmwelt, Naturpark Öewersauer, Naturpark Our, anf, Naturpark Mëllerdall Geopark, Ouni Pestiziden, ASTA

Konzept & Layout: SICONA & 'natur musée', 2024. Fotoen: SICONA.

# Wëllplanzesom® Lëtzebuerg

## Geseemsmëschunge fir Lëtzebuerg

Geseems vun heemesche Wëllplanzen aus zertifizéiertem regionalem Ubau



## Blummewise fir méi Biodiversitéit

D'Uleeë vun aarteräiche Blummewisen hëlleft an der Biodiversitéits-Kris d'Vilfalt vun eisen Insektenaarten ze ënnerstëtzen. Dës Wise bidde villen Insekte Liewensraum a Fudderreserven. Allerdéngs ginn net all Geseemsmëschungen dëser Aufgab gerecht!

## Gebittsfriem Mëschunge sinn net ugepasst

Déi natierlech Vegetatioun ass un de Buedem, d'Klima an d'Aartegemeinschaft vun hirem Liewensraum ugepasst. De Bléizäitpunkt vu gebittsfrieme Planze ka sech zum Beispill vun eisen heemesche Planzen ënnerscheeden an op dës Manéier dëst Gläichgewiicht stéieren. A ville Blummemëschunge sinn och Aarten dran, déi net natierlech zu Lëtzebuerg virkommen an dofir och net fir eis Wise gëeegent sinn. Falls sech dës Planze verwëldere géingen, da kéint dëst eis heemesch Flora veränneren. Wien der Natur eppes Guddes doe wëll, dee sollt onbedéngt fachgerecht zesummegestallte Mëschunge benotzen, déi aus enger zertifizéiert regionaler Produktioun stamen.



## Gëeegent Mëschunge fir Lëtzebuerg

Fir d'Biodiversitéit ze ënnerstëtzen, ass eng qualitativ héichwäerteg Geseemsmëschung mat heemesche Wëllplanzen aus zertifizéiertem regionalem Ubau gëeegent. Gemengen a Privatleit, déi eng Blummewiss op ëffentleche Gréngflächen oder am Gaart uleeë wëllen, recommandéiere mir d'LUX-Mëschunge vun der Firma Rieger-Hofmann. Dës Mëschungen enthalen nëmmen Aarten, déi zu Lëtzebuerg natierlech virkommen a wichteg Fudderplanze fir eis heemesch Päiperleken an aner Insekten sinn.

## Wëllplanzegeseems – zu Lëtzebuerg gezillt

Den Naturschutzsyndikat SICONA an den Naturmusée schaffe schonn zanter e puer Joer zesumme mat de Biologesche Statiounen a weidere Partner um Opbau vun enger Lëtzebuerger Geseemsproduktioun vu Wëllplanzen. Mat der Finanzéierung vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an ënnert der Opsiicht vum Saatgut-Unerkennungsdéngscht vun der Verwaltung fir technesch Servicer vun der Landwirtschaft (ASTA) ass d'Zil, mat Hëllef vu Lëtzebuerger Baueren Som vun heemesche Wëllplanzenaarten ze produzéieren. An de verschiddenen Naturräim vu Lëtzebuerg gëtt heifir de Som als Ausgangsmaterial gesammelt. Dëse Som gëtt a Gäertnereien zu jonke Planzen opgezillt an op de Felder vun de Lëtzebuerger Geseemsproduzenten no ökologesche Krittären ugebaut. D'Firma Rieger-Hofmann stellt de Som vum Feld zu verschiddene Wëllplanzemëschunge fir Lëtzebuerg zesummen. Som vun deenen Aarten, déi nach net oder bis elo nëmmen a geréngе Quantitéiten zu Lëtzebuerg hiergestallt ginn, ginn ufanks nach aus ugrenzende Regioune vun Däitschland ergänzt.

## Zertifizéierung fir eng Qualitéitssécherung

Den Ubau an d'Vermaartung vum Lëtzebuerger Wëllplanzegeseems gëtt an all senge Produktiounsofschnëtt no strenge Krittäre vun enger onofhängeger Kontrollfirma kontrolléiert. No enger bestanener Kontroll no dem Ufuerderungskatalog an enger erfollegräicher Iwwerpréiwung duerch d'Zertifizéierungskommissioun ginn d'Geseemsproduzenten an d'Firma Rieger-Hofmann mat engem Qualitéitssigel gekennzeechent. Dëse bestätegt transparent déi regional Hierkonft an d'Qualitéit vum ugebaute Wëllplanzegeseems. Dir erkennt Wëllplanzesom Lëtzebuerg-zertifizéiert Geseems an déi iwwerpréifte Betriber um Qualitéitssigel:

Zertifiziertes Wildpflanzensaatgut
Wëllplanzesom
Lëtzebuerg
Betriebs-Nr. 221 001 – Kontrollstelle ABCERT













## LUX-Mëschungen

D'Aartenzesummesetzungen vun de verschiddene LUX-Mëschungen orientéiere sech um natierleche Verbreedungsgebitt vun de Planzen. D'Mëschunge goufen u verschidde Standuerter ugepasst. Haaptsächlech ënnerscheeden si sech duerch d'Liewensdauer, d'Notzung, d'Fleeg an den Uwendungsberäich.

## Wou kann ee LUX-Mëschunge kafen?

Fir Flächen am Siidlungsraum vu 25–50 m² kënnen 100 g Tute vun den dräi Mëschunge LUX-Blumenwiese, LUX-Schotterrasen a LUX-Bunter Saum & Schmetterlingspflanzen bei folgende Partner kaaft ginn:

- Angelduerf, Barenbrug Luxemburg
- Bartreng, a.c.i.e.r. Luxembourg
- Bartreng, co-labor
- Beefort, Natur- & Geopark Mëllerdall
- Betzder, Yolande Coop Evergreen
- Colmer-Bierg, De Verband V Shop
- Diddeleng, Fondation Kräizbierg
- Dippech, Mon Jardin
- Esch-Sauer, Naturpark Öewersauer
- Gréiwemaacher, Yolande Coop Päiperleksgaart
- Housen, Naturpark Our
- Jonglënster, De Verband V Shop
- Kockelscheier, Haus vun der Natur
- Léiweng, De Verband V Shop
- Lëtzebuerg, Oekozenter Pafendall
- Lëtzebuerg, Shop vum „natur musée"
- Ollem, Naturschutzsyndikat SICONA
- Réiden op der Atert, Op der Schock
- Réiden op der Atert, Waasserhaus
- Rëmerschen, Biodiversum
- Stadbriedemes, Miseler Bei (Onlineshop)
- Steesel, Bamschoul Becker
- Useldeng, Tourist Info Wëlle Westen

All d'LUX-Mëschunge kënnen och a gréissere Quantitéite bei der Firma Barenbrug zu Angelduerf oder online am Web-Shop vun der Firma Rieger-Hofmann (www.rieger-hofmann.de) ënnert „Mischungen für Luxemburg" kaaft ginn.